

Lëtzebuerg, de 4. Juli 2023

Här Fernand ETGEN
Chamberspräsident
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH
PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieten ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden:

„Virun iwwer engem Joer huet d'Chamber de Projet vum Reamenagement vun der N7 tëscht dem Fridhaff a Wäiswampech mat ganz breeder Majoritéit gestëmmt.

Ufank Juli koum et dann och zum Spuedestéch vum Contournement vun Housen, wouriwwer ganz vill Leit sech gefreet hunn. Dës Leit froen sech awer och wéini et zum Startschoss vun deene aneren Aarbechte kënn.

An deem Zesammenhang wollt ech dem Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechte folgend Froe stellen:

- Wéi gesinn déi ënnerschiddlech Etappe vun der Moderniséierung vun der N7 aus?*
- Wéini a wou sollen déi verschidden Aarbechten ufänken?*
- Wéi gesäit déi zäitlech Schinn aus? Gëtt et do schonn en Iwwerbléck? Wou sinn d'Ausschreiwunge momentan drun?“*

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu